an un eisem nationale Programme d'aide au sevrage tabagique, wou mer ganz vill Partner hunn an de Spideeler, bei den Dokteren, fir sech do drunzehänken. Deen hu mer mat der CNS zesummen ausgeschafft an dee gëtt ënnert der Opsiicht vun Dokteren um Terrain ëmgesat. Mir hunn eng Preferenz dofir a si wierklech iwwerzeegt dovunner, dass et richteg ass, déi elektronesch Zigarett hei mat an d'Gesetz eranzehuelen.

Déi Altersgrenz, do wëll ech dee Widdersproch, op deen hei higewise ginn ass, gëlle loossen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Madamm Minister, Dir misst zur Konklusioun kommen! Dir sidd...

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- 20 Minutten?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Neen, 15!

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Ah, da musst Der mech entschëllegen, mä ech si souwisou bal fäerdeg, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech wollt lech just drop hiweisen.

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé.*- Dat ass e Widdersproch, deen ech gëlle loossen. An ech mengen, dass mir duerchaus solle Reflexioune maachen, ob dat richteg ass mat där Altersgrenz, déi mir fir den Alkohol hunn, an do wäert ech op lech zréckkommen, fir déi Diskussiounen ze féieren.

Eng allerlescht Remarque: Ech denken, dass e Mentalitéitswandel, dee mir jo gären hätten, muss duerch reglementaresch Bestëmmungen an duerch Kaderdecisiounen, wéi mir se haut huelen, erbäigefouert ginn. An ech sinn iwwerzeegt, dass dëst Gesetz e ganz wichtege Schratt dohinner ass, an ech hoffen, dass mer eng ganz breet Zoustëmmung bei deem Gesetz kréien. Ech denken, dass et virun allem wichteg ass, fir positiv Messagen un d'Adress vun eise jonke Leit ze ginn, déi mer vierdergrënneg wëlle schützen.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och der Madamm Ministesch. Mir sinn dann um Enn vun der Diskussioun ukomm an ech géif de Projet de loi 7030 zum Vott stellen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7030 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung geet un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Wow! Och do gëtt et eng Evolutioun vis-à-vis vu fréieren Ofstëmmungen iwwer Antitubaksgesetzer: 54-mol Jo, 5-mol Neen a keng Abstentiounen. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7030 est adopté par 55 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Laurent Mosar), Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Taina Bofferding), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Tess Burton), Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles (par M. Eugène Berger), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Claude Lamberty), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Joëlle Elvinger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen d'Chamber dann nach, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou decidéiert an ech soen lech Merci.

Mir kommen zum leschte Projet vun haut de Mëtten, dat ass de Projet de loi 7108 iwwert den Astellungsprogramm an der Magistratur. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Franz Fayot.

8. 7108 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans la magistrature et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Här Minister, de fréiere Procureur général, de Robert Biever, beschreift a sengem ganz gudde Rapport «Pistes de réflexions en vue d'une justice plus efficace» vum 5. Mäerz 2016 déi vill Schraufstellen, un deene mer mussen dréien, fir eis Justiz besser a méi effikass ze maachen.

An hie schreift vum Challenge, fir all Joers Honnerte vun Dausenden - jo, Dir hutt richteg héieren, Honnerte vun Dausenden! - Affären ze evakuéieren, mat deenen eis Geriichter befaasst sinn. An do huet e wahrscheinlech, oder sécher nach net déi derbäigerechent, déi elo mat deem neien Tubaksgesetz op eis Juridictiounen zoukommen.

Projeten, iwwert déi mer hei geschwat hunn an deene leschte Joren an iwwert déi mer nach wäerte schwätzen, déi drop viséieren, d'Justiz méi effikass ze maachen, do hu mer zum Beispill de Jugement sur accord oder dee virdrun iwwert d'Transaction pénale, deen dorobber viséiert, fir d'Parqueten ze desengorgéieren, fir verschidden Affären eben duerch e Jugement sur accord aus den Audienzen erauszehalen, fir déi méi schnell ze traitéieren.

Mir sinn och amgaangen am Kader vum Projet de loi iwwert d'Faillitten, dem Projet de loi 6539, mat deem mer eis vill beschäftege fir de Moment, iwwer eng sougenannt Procédure administrative, eng PDAL ze schwätzen, fir déi Dausende vu Liquidatioune vun eidele Gesellschafte méi schnell ze evakuéieren. Dat sinn alles Pisten, fir eis Justiz besser, méi schnell a méi effikass ze maachen.

An all deene Projete geet et ëm eppes: Et geet drëm, der Justiz et ze erméiglechen, ze erlaben, sech op hir essenziell Missioun ze konzentréieren, an dat ass d'Garantie vun engem Accès fir all Bierger un eng qualitativ héichwäerteg Justiz.

An ee vun deene wichtege Chantieren, mat deem mer eis haut befaassen, ass de Rekrutement vun de Riichter, an do setzt dëse Projet de loi un. Mir sinn haut mat engem weidere Programme pluriannuel fir de Rekrutement an der Magistratur befaasst. Et ass dëst deen drëtten esou en dräijärege Rekrutéierungsprogramm, no viregte Programmer an de Joren 1999 bis 2004, wou 37 Posten iwwert dee Wee geschaaft gi sinn, an 2005 bis 2009, wou 21 Riichter konnten esou rekrutéiert ginn.

Mat dësem Gesetz sollen iwwert déi nächst dräi Année-judiciairen, dat heescht 2017-2018, 2019-2020 an 2020-2021 32 weider Magistrate rekrutéiert ginn, souwuel an der Magistrature du siège wéi och beim Parquet.

Här President, Nout un der Fra an um Mann an der Magistratur ass kee rezente Phenomeen. Ech erënneren drun, dass mer säit 2009 ëmmer erëm punktuell Gesetzer hei verabschit hunn - ech ziele se elo net op, mä Dir fannt se schnell erëm -, wou mer eben ëmmer erëm nei Poste geschaaft hunn an der Magistratur, mä och beim Parquet. A mir haten nach net méi spéit wéi d'lescht Joer, den 23. Juli 2016, e Gesetz, wou mer d'Cour d'appel renforcéiert hunn an dräi nei Poste geschaaft hunn am Kader vun der Reorganisatioun vum Conseil supérieur de la sécurité sociale.

Mir haten och virun zwee Joer, den 21. Mee 2015, e Gesetz iwwert d'Attachés de justice hei gestëmmt, dat, Dir erënnert lech, eng zweet Voie d'accès an d'Magistratur erlaabt, fir haaptsächlech Lëtzebuerger Riichter ze fannen a fir et ze erméiglechen, Affekoten ze rekrutéieren, déi op d'mannst fënnef Joer Experienz hätten an déi da konnten um zweete Wee an d'Magistratur kommen, ouni iwwert de Concours missen ze goen. Dat war och schonn deemools mam deklaréierten Zil, eppes géint d'Schwieregkeeten ze maachen, fir genuch nei Riichter ze fannen.

An et wär interessant ze wëssen - ech weess net, ob de Minister déi Informatioun huet, mä wann en se huet, wär et interessant ze wëssen -, wivill Riichter iwwert dee Wee konnte rekrutéiert ginn, wëssend natierlech, dass dat am Fong e Cas de figure war fir am Fall, wou net genuch Attachëë géife fonnt ginn, dass dat am Fong eng residuell Méiglechkeet wär, fir weider Riichter esou ze rekrutéieren.

Wärend den Aarbechten an der Kommissioun zu dësem Projet de loi an am Echange mam Procureur adjoint Georges Oswald si weider Reformiddie beschwat ginn, fir et de Riichter haaptsächlech ze erméiglechen, méi effikass ze schaffen, mä awer och vläicht, fir méi spezialiséiert Riichter a verschidde Chamberen eranzekréien. Et ass geschwat gi vun enger Fonctioun vun engem Référendaire auprès des juridictions. Dir wësst, dat ass eng Fonctioun, déi et bei verschiddene Geriichter gëtt, wéi zum Beispill um Europäesche Geriichtshaff, wou et also Juriste sinn, déi engem Riichter zouschaffen, déi d'Dossiere preparéieren, haaptsächlech a komplexen Affären, an doduerch dem Riichter et erlaben, méi Dossieren nach méi effikass ze maachen an och méi effikass ze schaffen.

Mir hunn och eppes diskutéiert, wat mer schonn, bon, e puermol diskutéiert haten am Kader vun der Reform vun de Faillitten. Dat ass d'Méiglechkeet, fir Juristen, déi eng Experienz hunn an deem Beräich, méiglecherweis retraitéiert Affekoten oder aner spezialiséiert Juristen, ze huelen an déi an d'Geriichter anzebannen an Dossieren, déi extrem komplex sinn, wou eng grouss Spezialiséierung gebraucht gëtt, notamment am Finanzberäich. Dat ass eppes, wat och an anere Länner gemaach gëtt, wou eben al Affekoten oder aner al Spezialisten do dann duerno rekrutéiert ginn, fir an der Justiz ze schaffen. Mir wëssen, dass d'Finanzlegislatioun en particulier ëmmer méi komplex gëtt an dass et ganz wéineg Riichter gëtt, déi doranner spezialiséiert sinn.

An hei ass natierlech och déi normal Progressioun an der Carrière e Problem, well e Riichter, wann e bis dann e puer Joer oder eng gutt Experienz huet, zum Beispill an enger Chambre commerciale seng normal Carrièresprogressioun mécht, iergendwann eng Kéier op der Cour lant. An dann ass natierlech, an dat wësse mer alleguerten, an all déi, déi an deem Beräich schaffen, wëssen dat, dee ganze Savoir-faire mat enger Kéier verluer oder en ass eben ee Stack méi héich an da muss erëm bei plus ou moins null ugefaange ginn an där jeeweileger Chambre commerciale.

Eng aner Iddi war déi vun engem Pool de complément vu retraitéierte Magistraten, fir da weider nach do an deem Beräich ze schaffen.

Den Exposé des motifs zu dësem Gesetz nennt zwee Grënn fir déi weider Besoinen u Magistraten. Ee Grond dovunner ass, dass ongefëier zéng Poste vu Magistraten net besat sinn, well eben eng Partie Riichter entweder am Congé de maternité, Congé parental oder am Temps partiel sinn. A fir mat deene Vacance-de-posten eens ze ginn, schaaft dëse Projet de loi en Novum, an dat sinn déi sougenannt „pools de complément". Dat heescht, dat ass eng Reserv vu Riichter, déi op verschiddene Plaze kënnen agesat ginn. An esou e Pool soll souwuel bei der Cour supérieure geschaaft ginn, dat sinn da Riichter, déi kënne bei de Friddensgeriichter, mä och beim Tribunal d'arrondissement agesat ginn, an e Pool, dee beim Procureur général d'État ugesidelt gëtt an aus deem Riichter bei de Parquete kënnen agesat ginn.

E wichtege Prinzip bei deene Pools de complémentarité oder bei deene Pools complémentaires ass natierlech, dass dës Riichter vum Prinzip vun der Inamovibilitéit ausgeschloss sinn, well se eben ès fonctions akzeptéieren, fir kënnen e bësse wéi e Sprénger vun engem Geriicht op dat anert ze goen, en cas de vacance.

Um Enn vun deem Programme pluriannuel wäert de Pool de complément vun de Magistrats du siège aacht Leit hunn an dee vum Parquet wäert véier Leit hunn.

En anere Grond fir de Fait, dass et ëmmer méi Geriichtsaffäre gëtt, läit natierlech, dat ass net iwwerraschend, am stännegen Zouwuess vun der Bevëlkerung, an net nëmme vun der Bevëlkerung, mä och vun de Pendler, déi natierlech och Geriichtsaffäre generéieren. De Contingent vu Riichter ass an deene leschten zéng bis zwielef Joer net proportionell zu der Explosioun vun der Bevëlkerung a vun de Frontaliere gewuess. Do kënnt natierlech nach eng Kéier derbäi, dass mer eng ganz staark Wirtschaft hunn, eng staark Finanzplaz, déi och vill Affären, a vill komplex Affäre generéiert, dat souwuel am zivillen, kommerzielle Beräich, mä och am strofrechtleche Beräich, wat d'Geriichter natierlech och vill beschäftegt.

Et besteet also en akute Besoin, fir weider Rekrutementer ze maachen. A wéi gesot ginn hei an deenen dräi nächste Joren 32 nei Poste geschaaft: 18 fir de Siège, 14 fir de Parquet. Dat sinn der 15 fir d'Joer 2017, 5 fir 2018, 8 fir 2019 a 4 fir 2020.

Dëst muss per Gesetz an duerch Ofännerung vum Gesetz vum 7. Mäerz 1980 iwwert d'Organisation judiciaire geschéien. Dat si Posten, déi net am Numerus Clausus sinn, dat heescht, déi net iwwert de Budget finanzéiert ginn. Wéinst dem Prinzip vun der Gewaltentrennung ginn dës Posten an der Magistratur per Gesetz beschloss. An et sief hei och nach erwähnt, dass an dësem Gesetz net déi 7 nei Posten abegraff si vum Juge aux affaires familiales, déi am Projet de loi iwwert d'Reform vum Divorce virgesi sinn, an och net déi 40 Poste vu Personal, déi fir 2017 an der Magistratur gefrot gi sinn.

Des Weideren, fir komplett ze sinn, ginn zwou nei Chambere geschaaft beim Tribunal d'arrondissement: eng fir strofrechtlech Affären an eng fir zivill a kommerziell Affären. An och den Tribunal vun Dikrech kritt e weidere Riichter an de Parquet vun Dikrech e weidere Substitut hei bäi.

Fir den Detail vun deene Poste verweisen ech lech op mäi schréftleche Rapport.

Här President, nach ganz schnell an ofschléissend déi grouss Daten an déi grouss Etappe vun der parlamentarescher Aarbecht: Den Depôt vun dësem Gesetz ass den 19. Januar dëst Joer gemaach ginn. Et ass en Amendement gouvernemental den 28. Februar dëst Joer hei abruecht ginn. Et ass just een Avis virbruecht ginn, dat ass dee vum Statsrot, dee war de 7. Abrëll 2017. D'Geriichter sinn am Virfeld consultéiert ginn. An de Rapport vun der Commission juridique ass den 18. Mee dëst Joer adoptéiert ginn.

Fir den Avis vum Statsrot, do war haaptsächlech ee Punkt, deen diskutéiert ginn ass, dat war e Commentaire oder eng Kritik, wat dee Mechanismus vum Pool de complément ugeet, wou de Statsrot Schwieregkeeten hat par rapport zu der Delegatioun vun den Attachéen a wou en am Fong en äänleche Mechanismus gefrot huet, wat awer e Problem gestallt hätt mam Prinzip vun der Amovibilitéit a wat de Grond war, firwat d'Commission juridique dat am Fong net esou adoptéiert huet.

Voilà. Dat gesot, géif ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet brëngen an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Nächste Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll dem Franz Fayot Merci soe fir

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:
Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

säin ausféierleche Rapport. Hie war zwar e bëssen iwwert d'Zäit, mä ech mengen, de Projet ass wichteg genuch, dass een dat do am Detail explizéiert, well eng modern Demokratie brauch ëmmer eng gutt funktionéierend Justiz an duerfir brauche mer virun allem genuch an och gutt ausgebilte Riichter.

De Rapporteur ass virdrun drop agaangen: Mir hunn eigentlech schonns, par rapport zu eiser Bevëlkerungszuel a wann een dat mam Ausland vergläicht, wierklech vill Magistraten an dem Land. Mä - an de Rapport gesäit dat jo och vir - mir hunn eng atypesch Situatioun: Mir hunn all Dag esou vill Grenzgänger, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen, wat natierlech de Contentieux, sief dat um Niveau vun de Relations du travail, sief dat um Niveau vun den Autosaccidenter oder och vun de Strofverfahren an d'Luucht dréckt. An dann hu mer ausgedeente Wirtschaftszweiger a besonnesch eng grouss Finanz- a Bankeplaz, wou natierlech d'Affäre komplex sinn an och d'Mass vun den Affären net onerhieflech ass.

Mir schafen also elo 32 Poste fir déi nächste Joren, wou d'CSV dat och ënnerschreiwe kann, well och fréier Justizministeren et net ëmmer esou einfach haten, fir Posten an deem Mooss ze schafen; mä mir droen dat do unisono mat.

De Punkt ass allerdéngs deen: Elo schafe mer Posten, dat ass d'Aufgab vun der Chamber, mä déi Poste mussen awer och kënne besat gi mat Leit, déi zur Verfügung stinn, a virun allem och Leit, gudde Leit, déi déi Riichterposte kënne bekleeden. An d'Vergaangenheet huet eigentlech gewisen, inklusiv der rezenter Vergaangenheet, dass et schwiereg ass, déi Posten ze besetzen. Et ass natierlech fir Juristen e schwierege Schrëtt: Bleiwen ech an enger Etüd, wou ech natierlech muss zéng, zwielef Stonnen den Dag murksen, heiansdo nach méi, an net nëmme vu méindes bis freides, och nach oft iwwert d'Weekender? Dat bréngt natierlech Remuneratioune mat, wou de Stat mat deene Salairen an der Magistratur net ëmmer ka mathalen. Ech mengen, dat muss een einfach esou cru soen.

Duerch dee Projet hei gëtt d'Magistratur net nëmmen um Niveau vun de Poste méi interessant, mä och well Funktioune geschafe goufen. Et sinn eng Rei vu Vizepresidenteposte geschafe ginn, et ass e Posten op der Cour de cassation geschafe ginn. Natierlech besonnesch fir déi Magistraten, déi e gewëssenen Déngschtalter hunn, bréngt dat och eng gewëssen Attraktivitéit um Niveau vun der Evolutioun vun hire Carrièren. Dat soll een och soen.

Nichtsdestotrotz mengen ech, sollt een awer offen eng Kéier soen, an ech soen dat als Oppositiounsdeputéierten: Mir hunn iwwert déi lescht Jore meeschtens an der Unanimitéit Adaptatioune gemaach un enger ganzer Rei vu Carrièren, déi och doduerch méi attraktiv gi sinn. Dat ass awer net an deem Mooss geschitt um Niveau vun der Magistratur! D'Magistratur ass zimlech an deem Equiliber bliwwen, wéi dat virun 20, 30 Joer de Fall war. Et muss een och wëssen, dass an der Magistratur niewent der Remuneration de base net vill Cumullen oder aner Méiglechkeete vun enger attraktiver Carrièresgestaltung sinn, wéi dat dann awer a vergläichbaren anere Funktiounen ass an eenzelne Verwaltunge wéi och an der Regierungsverwaltung. Ech mengen, dat soll een och an deem Mooss soen.

Do kéint ech mer virstellen, dass mir och als Oppositiounspartei kee Problem hätten, dass een eng Kéier géif a Rou déi eenzel Carrièresevolutiounen och kucken, well et muss ee wëssen, ier ee Magistrat gëtt, definitiv genannt gëtt, geet dat jo net duer, dass ee seng fënnef Joer oder säi Master dann huet, mä et ass e Rekrutement, wat dann och e gewëssene Stage viraussetzt an definitiv dann och oft den Avouésexame viraussetzt, wat natierlech eng Situatioun mat sech bréngt, dass déi Leit méi spéit an déi Carrière erakommen.

De Franz Fayot huet mat Recht ënnerstrach, dass nieft dem Rekrutement vun de Magistraten natierlech och eng Rei vun Adaptatioune musse gemaach ginn un der Prozedur. A fir eis ass déi Aarbecht, déi de Roby Biever gemaach huet, och eng richteg Orientéierung an et sollt ee kucken, fir an der nächster Zäit eng Rei vun deene Moossname kënne mat ëmzesetzen.

Dat wier eng vun de Moossnamen, déi mir als CSV géife proposéieren, niewent dem Rekrutement och vu pensionéierte Riichteren. Well de Fait, dass mer déi Poole geschafen hunn, souwuel beim President vun der Cour supérieure de justice wéi och beim Parquet général, wou de Franz Fayot mat Recht drop higewisen huet, dass do de Prinzip vun der Inamovibilitéit net spillt, mengen ech, kéint och attraktiv si fir eng Rei vu Magistraten, déi eng grouss Erfahrung hunn. Ech mengen, een, dee Conseiller op der Cour de cassation ass, Leit, déi d'Leit och vum Parquet général hier kannt hunn, fréier Procureurs généraux, wann déi Friddensriichter géife spillen no deenen Zäitmoossen, déi se hätten, da wier dat eng gutt Saach. An d'Akzeptanz bei de Leit, mengen ech, wier doduerch och net méi kleng.

Eng lescht an ofschléissend Remarque, Här President: Mir als CSV hätten och kee Problem dermat, wann een de Contentieux fiscal a senger Globalitéit géif eriwwergi bei d'Verwaltungsgeriicht.

Aus e puer Ursaachen: Éischtens, de gesamte Contentieux fiscal; Dir wësst, dass de Moment déi direkt Steieren op dem Verwaltungsgeriicht traitéiert ginn, déi hunn ëmmer eppes, wat aneschters ass par rapport zu engem normalen zivillrechtleche Prozess, näämlech dass eng Décision administrative schonns besteet. Et besteet, wann een net d'accord ass mat der TVA, déi engem gefrot gëtt, eng Décision administrative. Wann ee beim Droit de douane net dermat d'accord ass, besteet eng Décision administrative. A wann een dee Contentieux géif eriwwerhuele bei d'Verwaltungsgeriichter, hätt een och méi eng Stabilitéit vun de Magistraten, déi do sinn, wat eng grouss Experienz an deenen Dossieren ass, déi och vun enger gewëssener Komplexitéit sinn.

Well den Enjeu och oft grouss wier, mengen ech, wier dat eng vun de Pisten, déi mir och kéinte virschloen, fir ze hëllefen. Well domadder hätt een awer vill Contentieuxe vun den Tribunaux judiciaires ewech. Well oft jonk Magistraten da mat deene Contentieuxe befaasst ginn, wat schwéier Matièrë sinn, dat muss ee soen, a wou en plus den Enjeu en héijen ass.

Duerfir ofschléissend, och wann ech meng Zäit iwwerschratt hunn, Här President, d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Roth. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dem Här Fayot e grousse Merci, dass e sech bereet erkläert huet, de mëndlechen a schréftleche Rapport ze huelen an en ons hei ze presentéieren. A selbstverständlech gi mir den Accord zu dësem Projet de loi, well mer jo alleguerte wëssen, wat den Enjeu vun der Noutwendegkeet an der Magistratur ass.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Loschetter. D'Madamm Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel *(DP)*.- Jo, Merci, Här President. Ech wëll och virop dem Rapporteur Franz Fayot häerzlech Merci soe fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport.

En huet am Ufank gesot: „Mir hätte gär eng Justiz, déi besser, méi schnell, méi effikass funktionéiert." Ech mengen, wa mer wëllen dohinnerkommen, wat jo en Zil ass an all Demokratie, an all Rechtsstat, brauche mer op där enger Säit gutt Strukturen an op där anerer Säit brauche mer genuch a gutt forméiert Riichter.

Dofir begréisse mir et och als DP-Fraktioun, dass och en drëtte Programme pluriannuel de recrutement kënnt, mat alleguerten deene klengen oder gréissere Problemer, déi mer schonn haten, fir genuch Leit ze fannen. Mä ech mengen, deen heite Projet ass e weideren Incentive op deem richtege Wee, fir dohinnerzekommen.

Wat ganz gutt ass, bon, d'Zuel, déi schéngt mer korrekt ze sinn. Wat fir mech ganz wichteg ass, dat ass dee berüümten „pool de complément", de Pool de remplacement, well ech mengen, vill vun eis heibannen hunn dat matgemaach, wann heiansdo Riichter gefeelt hunn, war keng Méiglechkeet, fir dass direkt déi néideg Suppleantë konnte mobiliséiert ginn. An da war heiansdo Hickhack an d'Affäre sinn net virugaangen an deem Mooss. Dat ass extrem wichteg, an notamment, wou och dee Pool de complément op allen oder ganz verschiddenen Niveauen agesat gëtt, schéngt dat mir wierklech ganz gutt.

Mir wëssen alleguerten, dass net nëmmen eis Populatioun andauernd wiisst, mä d'Zuel vun den Affären an d'Komplexitéit vun den Affären, déi gi konstant erop. An nodeem ech meng Virriedner elo gehéiert hunn: Ech dreeme jo awer nach ëmmer, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng École nationale de la magistrature kréien! Mir hunn eng École nationale de la police, mir hunn en Institut national d'administration publique, mir hunn an de Finanze Finanzinstituter, a vu dass d'Komplexitéit vun den Affären ëmmer méi grouss gëtt, kann een awer eng Kéier diskutéieren.

Ech hunn näischt dergéint, dass de Contentieux fiscal géif bei d'Verwaltungsgeriicht eriwwergoen, dat mécht mer Sënn. Mä wann ech gelift, kommt, mir vergiessen net eis Formatioun, déi mer maachen! Wa mer den Avouésexame maachen, dee mer musse maache fir an d'Magistratur, hu mer u sech eng generell Formatioun, an d'Matièrë ginn ëmmer méi komplizéiert a méi spezifesch. An notamment, wa mer gär gutt Riichter hätten um Verwaltungsgeriicht, déi och ganz komplizéiert Affären hunn, kann ee sech wierklech iwwerleeën… Bon, ech nennen et elo „École nationale de la magistrature", well ech eben am franséische System forméiert gi sinn.

Mä wierklech, fir d'Verwaltungsriichter an awer och d'Riichter kommen ëmmer méi komplizéiert Affären, och dee ganze Problem vun den ekonomeschen Affäre gëtt ëmmer méi schwiereg. An et ass net fir näischt, dass ganz grouss Affären dauernd virum Arbitrage landen an net méi virun de Geriichter, well e ganze Koup Parteien direkt soen: „Mir ginn net méi virun déi klassesch Geriichter, well déi Riichter hu mat all hirem Wëssen awer net déi néideg Kompetenz, fir dass mir Uerteeler kréien, déi eis Satisfaktioun ginn."

Dofir, wa mer schonn amgaange sinn, am Sënn vun enger besserer Justiz ze schaffen, wann ech gelift, kommt, mir maachen eng Kéier eng Diskussioun driwwer, ob et net géif an iergendenger Form Sënn maachen, fir eng speziell Formatioun fir eis Riichter ze bréngen!

Well déi Formation continue, mat all deem, wat se als Pensum andauernd hunn, mir kréie se net derzou, dass se dat systematesch maachen. An et wär besser, si géifen am Ufank forméiert ginn, ier se an hir Funktiounen erakommen, déi elo attraktiv gemaach ginn, et ginn nei Funktioune gemaach. Dat wär menger Meenung no e weideren Incentive, et kéint een dat jo mat verschiddenen… Et misst ee kucken, wéi een dat géif organiséieren. Mä ech wollt awer elo nach hei wierklech e klengen „pavé dans la mare" lancéieren, fir dass mer eng Kéier doriwwer diskutéieren.

Bien entendu, et ass e gudde Projet, a mir ginn den Accord vun der Fraktioun.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Här Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Merci virun allem un d'Chamber an och un d'Commission juridique am Allgemengen an den Här Fayot am Besonnesche fir de Rapport, awer och fir d'Ënnerstëtzung fir déi heiten Demarche vun der Regierung.

Et ass gesot ginn: Mir hunn an der Vergaangenheet schonn zweemol esou e Plan pluriannuel gehat am Rekrutement. Mir haten där keen an der viregter Legislatur. Elo kann een doriwwer Regreten hunn. Mä et muss een awer och fairerweis soen, dass mer an der viregter Legislatur net nëmme kee Plan pluriannuel haten, mä mir hate souguer Schwieregkeeten, fir déi Plazen, déi mer schonn haten, iwwerhaapt besat ze kréien. An ech soen dat ouni Virworf, well dat wierklech keng einfach Saach ass.

Mir hu bis 2013 an och nach 2014, wärend enger ganzer Rei vu Joren, fir déi Plazen, déi ausgeschriwwe waren, net kënne rekrutéieren, wat d'Magistratur viru ganz zolidd Problemer gestallt huet. A mir hunn eréischt am Joer 2015 an am Joer 2016 fir d'éischte Kéier nees no relativ laanger Zäit et fäerdegbruecht, déi Plazen, déi et gëtt an déi ausgeschriwwe sinn, och ze besetzen.

Mir hunn dofir och e Gesetz gemaach. Den Här Fayot ass drop agaangen, en huet och eng Fro gestallt. Mir hunn e Gesetz gemaach, fir de Rekrutement och nach iwwer en zweete Wee kënnen ze organiséieren, wann deen normale Wee defaillant wär, fir Affekoten et ze erlaben, méi liicht an d'Magistratur eriwwerzekommen. A mir hunn 2015 de Rekrutement integral iwwert den éischte Wee kënnen ofschléissen. Dat waren deemools 15 Plazen.

A mir hunn 2016 och déi 15 Plazen, déi ausgeschriwwe waren, besat kritt. Allerdéngs hu mer dee Moment op dat neit Gesetz an déi nei Prozedur mussen zréckgräifen. A vun deene 15 sinn der 6 iwwert dee sougenannten zweete Wee rekrutéiert ginn, wat also weist, dass dat Gesetz noutwendeg war, dass et richteg war, dat Gesetz do ze maachen, well mer domadder wéinstens elo schonn zweemol hannerenaner de Rekrutement kritt hunn.

An dëst Joer sinn nees zwielef Plazen ausgeschriwwen. Do hu mer och d'Kandidature scho kritt. Wéi et ausgesäit, hu mer eng Zuel vu Kandidaturen, déi relativ däitlech iwwert deem läit, wat mer ausgeschriwwen hunn, soudass ech op den Dag vun haut relativ gudder Déng sinn, dass mer och déi Kéier vläicht all ausgeschriwwe Plaze wäerte besat kréien. Dat wär da fir d'Drëtt hannerenaner.

Mä ech bleiwe virsiichteg. All deenen, déi mengen, dat géif heeschen, dass mer elo fir déi nächst Joren eng Garantie hätten, dass mer elo all Joers nees all ausgeschriwwe Plaz besat kréien, deene soen ech: „Kommt, mir bleiwe virsiichteg!" Mir hunn déi Garantie net. Et ass net evident. Mir hunn d'Erfahrung gemaach an der viregter Legislatur a mir hunn och trotz deem neie Gesetz keng Garantie, dass mer dat ouni Weideres an deenen nächste Joren erëm kënne fëllen. Ech mengen, mir sollen zesummen dorunner schaffen an dat ëmmer am Kapp hunn.

Ech wëll de Projet net nach eng Kéier detailléieren. De Franz Fayot huet dat gemaach, ganz exzellent a ganz komplett. Ech sinn och frou, dass mer dee Pool elo kënne schafen. Dat gëtt eis wierklech eng Portioun Flexibilitéit, iwwregens jo och bei den Attachéen. Déi Änderung, dass de Judiciaire an Administratif kënnen aus engem gemeinsamen Dëppe gräifen, déi zwee Elementer zesummen, déi mer an de leschten dräi Jore gemaach hunn, hunn eis wierklech e ganz flott Zesummespill vu Méiglechkeeten elo erlaabt. Ech mengen, dat wäert eis relativ vill hëllefen.

Dofir déi Projektiounen, déi gemaach ginn, mam Bléck no vir op d'Carrièren, dorop, ob de Contentieux fiscal soll bei den Administratif goen, wat eng al Diskussioun ass, déi ëmmer nees opkënnt a wou et och Argumenter dofir gëtt. Oder och, d'Formatioun hei am Land ze organiséieren - woubäi mer am Fong am Moment mat der Formatioun och an där École nationale de la magistrature zu Bordeaux eigentlech ganz gutt fueren, an ech hunn do keen immensen Drock bis elo verspuert, dass een dat soll ofschafen -, mä et ass awer wierklech derwäert, dass een déi Pist, déi d'Madamm Beissel opgeworf huet, poursuivéiert a verdéift.

Dat, wéi gesot, zum Text. Ech wëll awer nach, wann Der erlaabt, Här President, ganz kuerz dräi Zuele just erwänen, déi weisen - an den Här Fayot huet dat och kuerz gesträift -, dass mer zu Lëtzebuerg awer eng atypesch Situatioun hunn.

Ganz rezent ass vun der Europäescher Kommissioun eng Etüd presentéiert ginn, déi all puer Joer kënnt, den europäesche Scoreboard vun der Justice, wou d'Memberlänner matenee verglach ginn op verschiddene Punkten. An et trëfft sech, dass Lëtzebuerg do op gläich e puer

Punkten opfälleg op där éischter Plaz steet am Verglach mat all den anere Länner. Dat ass éischtens emol, mengen ech, eng ganz gutt Noriicht, déi aner eigentlech och, mä dat ass eng ganz gutt Noriicht.

Mir sinn en matière civile et commerciale déi Séierst an Europa. Bei eis dauert e Prozess an der Moyenne 86 Deeg. Dat ass kee Grond, fir sech zréckzeleenen, dat ass e Grond, fir ze soen: „Mir sinn um richtege Wee a mir mussen d'Efforten an d'Moderniséierung weiderféieren." Et ass net, fir sech zréckzeleenen. Mä et dierf een awer och heiansdo dat rappeléieren, well gutt Noriichte si jo net ëmmer déi, déi dee meeschten Uklang fannen. Mä wann Europa eis attestéiert, dass mer en matière civile et commerciale vun all den 28 Memberlänner déi sinn, déi an der Moyenne - an der Moyenne, dat evitéiert net eenzel Fäll! - déi Séierst sinn, da soll een dat och deene Leit, déi un de Prozesser bedeelegt sinn, ob dat Affekote sinn oder Magistraten, och dierfe soen. Dat ass eng gutt Zensur an doriwwer solle mer eis och kënnen eng Sekonn freeën.

Da kréie mer awer och gesot, mir wären an Europa déi mat der héchster Zuel vu Riichteren: 46 pro 100.000 Awunner, nëmmen onwesentlech méi wéi déi, déi direkt hannerun eis sinn. Dat ass richteg. Domat si mer déi Héchst. Mä déi Rechnung gëtt gemaach pro Awunner! An den Här Fayot huet et gesot an ech mengen, den Här Roth och: Dat gëtt awer eis Realitéit net integral erëm! Well mir hunn all Dag no bei 200.000 Leit, déi op Lëtzebuerg kommen an och Geriichtsaffären doduerch generéieren. Mir hunn notamment en matière commerciale bei de Societéiten zu Lëtzebuerg esou vill Affären, déi wäit iwwert dat erausginn, wat proportional e Land mat 590.000 Awunner normalerweis géif produzéieren, soudass déi Riichteren, déi anscheinend esou vill Riichteren, déi mer hunn, och wäit iwwerproportional Aarbecht hunn. An dat geet aus där Statistik net eraus. Dat muss een awer, fir e komplett Bild ze hunn, och soen.

An dat Drëtt, well dat gëtt dann an deem Otemzuch awer ni ewäänt: Mir hunn net nëmmen déi meeschte Riichteren an Europa, mä mir hunn, mat risegem Ofstand, och déi meeschten Affekoten a ganz Europa pro 100.000 Awunner. Mir hu 46 Riichter, mir hu 430 Affekote pro 100.000 Awunner. Domat si mer europawäit nach vill méi un der Spëtzt, soudass déi 46 Riichter pro 100.000 Awunner vill Aarbecht hunn, fir 431 Affekoten op 100.000 Awunner kënnen ze beschäftegen.

Dat sinn also dräi Opfällegkeeten, déi mer hunn, déi weisen, dass mer eng atypesch Situatioun hunn, dass mer d'Efforte musse weiderféieren. An dee Projet, dee mer haut stëmmen, entsprécht dem Geescht, deen tëschent dem zweeten an dem drëtte Pouvoir soll sinn. Et ass d'Aufgab vun der Regierung, den drëtte Pouvoir an d'Lag ze versetzen, seng Aarbecht kënnen ze maachen. A wann d'Chamber eis dobäi ënnerstëtzt, da kréie mer dat och hin.

Ech soen lech och dofir Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, mir hunn effektiv e Problem: Eis Mikroe sinn net laang genuch, wann d'Ministeren ze héich sinn.

(Hilarité)

Dofir ass et besser heiansdo, erop bei dës Tribün ze kommen. Et ass soss schwéier verständlech. Merci awer. Mir hunn alles verstanen.

(Hilarité)

Mir géifen zum Vott vum Projet de loi 7108 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7108 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

52-mol Jo an 1 Abstentioun, domat ass de Projet 7108 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par Mme Taina Bofferding), MM. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot et Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles (par Mme Joëlle Elvinger), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Marc Baum et David Wagner.

S'est abstenu: M. Aly Kaes.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. An ech wënschen lech, dass Der gutt heemkommt, an e schéinen Owend! Merci.

(Fin de la séance publique à 19.00 heures)

Sommaire des séances publiques nos 38, 39 et 40

38e séance

Ouverture de la séance publique p. 507

Discours à l'occasion de la commémoration du 150e anniversaire du traité de Londres p. 507

6787 - Projet de loi

ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation et modifiant

1) la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires,

2) la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques,

3) la loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: De l'enseignement secondaire),

4) la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée,

5) la loi modifiée du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire,

6) la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue,

7) la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote,

8) la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle,

9) la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental,

10) la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers,

11) la loi du 21 juillet 2012 portant création du Sportlycée,

12) la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale,

13) l'article L.622-18 du Code du travail p. 507-513

7079 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

2. de la loi du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

3. de la loi du 16 mars 2007 portant 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

5. de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

6. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2e Chance;

7. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves;

8. du Code de la Sécurité sociale p. 513-515

39e séance

Ouverture de la séance publique p. 516

Communications p. 516

Ordre du jour p. 516

6875 - Projet de loi sur l'organisation du Conseil d'État et portant modification

- de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif;

- de la loi modifiée du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

et

6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État p. 516-522

Interpellation de M. Marc Baum au sujet de la pauvreté laborieuse (working poor) p. 522-530

7104 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»; c) l'institution d'un Conseil scientifique;

4. de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

5. de la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

6. de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

7. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État;

8. de la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale p. 530-536

Ordre du jour p. 536

40e séance

Ouverture de la séance publique p. 537

Ordre du jour p. 537

Résolution de M. Henri Kox relative au rejet des maïs transgéniques «1507» de DuPont/Pioneer, «Bt11» de Syngenta et MON810 de Monsanto p. 537-538

6938 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution p. 538-543

7103 - Projet de loi relative aux comptes de paiement et portant:

1. transposition de la directive 2014/92/UE du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur la comparabilité des frais liés aux comptes de paiement, le changement de compte de paiement et l'accès à un compte de paiement assorti de prestations de base; et

2. modification de la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services financiers postaux p. 543-544

6887 - Projet de loi portant modification de l'article 3 du Code de procédure pénale p. 544-546

7030 - Projet de loi transposant la directive 2014/40/UE du Parlement européen et du Conseil du 3 avril 2014 relative au rapprochement des dispositions législatives, réglementaires et administratives des États membres en matière de fabrication, de présentation et de vente des produits du tabac et des produits connexes; abrogeant la directive 2001/37/CE; modifiant la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac p. 546-552

7108 - Projet de loi arrêtant un programme pluriannuel de recrutement dans la magistrature et portant modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire p. 552-554